



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5418 vum 21. Dezember 2021 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Carole Hartmann**

- Den lechternacher Park ass als Monument national klasséiert an all Aarbechten déi do solle stattfanne mussen deemno, laut dem modifizéierte Gesetz vum 18. Juli 1983 iwwert den Denkmalschutz, am Virfeld vum Kulturminister autoriséiert ginn. D'Gemeng lechternach huet am Virfeld vun den Aarbechten awer keen Dossier agereecht an et gouf deemno keng Autorisatioun.  
  
Déi net autoriséiert Aarbechte vun der Gemeng sinn dunn opgrond vun de Rapporte vum Centre national de recherche archéologique a vum Service des sites et monuments nationaux gestoppt ginn. D'Gemeng gouf opgefuerdert en Dossier anzereeche, deen de 7. Oktober am Kulturministère ukomm ass. Vu datt den Dossier net komplett war, hu nach Elementer vun der Gemeng nogereecht misse ginn. Fir d'Weeër gouf eng Fiche technique vum Aggregat gefrot an och eng vum Zonk vum Mini-Golf. D'Fiche technique vum Aggregat ass de 14. Januar eragereecht ginn, also no der Autorisatioun. Fir den neien Zonk gouf nach keen Dokument eragereecht.
- Opraumaarbechten a kleng Reparature goufen hei keng gestoppt, et ware gréisser Aarbechten amgaangen. Déif Grief goufe gezunn, Elektresch gouf verluecht an eng nei Beliichtung an eng nei Beplanzung waren um Punkt fir installéiert ze ginn. Nei Zementsockele fir d'Beliichtung ware schon installéiert, dat nodeems di al Sockelen aus Steen ewech gemaach goufen.
- En onkompletten Dossier war de 7. Oktober erakomm. Bis deen opgeschafft a mëndlech kompletéiert gi war a no Reuniounen op der Platz, konnt ech den 20. Dezember 2021 eng Autorisatioun erstellen. Meng Servicer waren a regelméissegem Echange mat der Gemeng.
- D'Aarbechten un de Weeër an un hirer Beliichtung däerfen elo geschéien. Fir d'Beliichtung vun der Vëlospist muss eng nei Autorisatioun ugefrot ginn, well do nach déi al Beliichtung besteet. Ëm de Minigolf kënn e neien Zonk. Fir den Tennis Terrain läit nach keng Demande vir.  
  
De Service des sites et monuments nationaux huet eng historesch an architektonesch Etüd iwwert de Park beoptraagt. Dës Etüd wäert och d'Flora analyséieren an ee präzisen Diagnostik erstellen. Opgrond vu där Analyse ginn déi konservatoresch a restoratoresch Moosname fir de ganze Park definéiert, sou wei d'Charte de Florence et virgesäit.
- De Pavillon ass net weider vum Héichwaasser beschiedegt ginn. D'Daacharbechten déi elo amgaange si ware schonns virum Héichwaasser geplangt. Si hu misse gestoppt ginn well d'Gemeng lechternach mat hiren onerlaabten Griefaarbechte bis un de Pavillon erugefuer war. Esou stoung d'Stee net méi sécher.

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson